Sommedieue am Wanter

Mir woren Haut den 6. Dezember zu énger gudden dozen Memberen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg op Sommedieue bei den Bruno fëschen. Ech wees net op et um Kleesschen luung mée mir sin objídverfall fir den Joresofschloss nach éng Kéier räich belount gin an kënnen elo berouëgt an den Wanterschloof goën. Um Virowend vun eiser Sortie haten mir den Eric Arbogast bei ons op den Bannowend zu Lamadelaine invitéiert an Hien huet eis dun schon esou richtég an Stëmmung bruecht, net nëmmen dass mir wonnerschéin Mécken, den Seal Bugger an d´Stilwater Nymph mat Him zesummen gebonnen hun, née Hien huet eis mat séngen villen schéinen Fotoën an Filmer iwwert séng Vakanzendestinatíounen déi Hien all Joërs unsteiert, och esou richtég d´Zong laang gemeet. Luung et um Eric sénger flotter Anstëmmung oder um gudden Wieder, mir hun objídverfall vill Fësch zu Sommedieue gefaangen an zeguer den Seal Bugger deen mir um Virowend gebonnen haten huet säin Anstand gefeiert an wousst op ganzer Linn ze iwwerzeegen.

SIMMS

Ewei mir Moies géint néng Auer zu Sommedieue unkomm sin do woren den Eugéne an den Roger schon prett fir las ze leën. Mir sin natiirlech eemol fir d´éischt éng gudd Taas Kaffi drenken gaangen an kruten dobäi vum Bruno verzielt dass mir stoark Virfächer fëschen sollten ewell Hien déck Forellen ausgesat hät, dat kënnen mir elo am Nachhineien och nëmmen bestätegen. Et sin vill déck Fësch gefaangen gin an och mam Wieder haten mir et gudd erwëscht, et wor zwar den ganzen Dag iwwer niwwelegt dréift Wieder mée d´Temperaturen luungen ëm déi fënnef Grad an gereent huet et och net, jee et wor unsech optimalt Fëscherwieder zeemols wann een bedenkt dass mir nach dat lescht Joër bei eisem Ofschloss am Schnéi gefëscht haten, dat wor natiirlech och een ganzt seelen Erliewness an dofir och richtég flott.

Eisen Präsident, den Jeek, hat nach éng Kéier virum Wanterschloof esou richtég den Bëlles erausgeloos, egal mat ewei énger Methode, op nymphe a vue oder Streamer, Hien huet nëmmen dobäi gemeet an huet een schéinen Fësch nom anneren gefaangen an wor esou richtég an séngem Element.

d´Cindy an den Andy haten och hirt Gléck mat der nymphe a vue erausgefoudert an och sie Zwee hun schéin dobäi gemeet ewoubäi d´Cindy op d´Ënnerstetzung vun séngem Papp zielen konnt, Deen Him gehollef huet d´Fësch ze kescheren. Den Andy sénger Säits hat sech als Ënnerstetzung säin treien véierbeenegen Frënn, den Bronco, matbruecht deen Him och ganz interesséiert iwwert d´Schëller gekuckt huet.

Den Jemp an den Luss hun mam Streamer gefëscht ewoubäi haaptsächlech eis Stilwater Nymph zum Ansatz komm ass an dës huet ewei ëmmer een Fësch nom anneren bruecht. Dodernieft hun mir awer och den Seal Bugger deen mir um Virowend gebonnen haten ausprobéiert an dësen huet net manner gudd gefaangen. Den Jemp huet sech och net laang mat Gepiddels opgehalen an huet vun Unfank aus un nëmmen déck Pätteren gefaangen an et kann een duurchaus soën dass et Schued ass fir Hien dass d´Fëscherjoër elo eriwwer ass ewell Hien ass déi lescht Sortiën esou richtég opgeblidd.

Den Eugéne ass ewei ëmmer ganz kuragéiert un d´Saach erungaangen an huet säin Gléck mat der drechener Méck gesicht, Hien huet et och fäerdeg bruecht den ganzen Dag iwwer duur zehalen an huet net wéineg Fësch mat séngen drechenen Mécken gefaangen. Den Fränz hat och mat der drechener Méck ungefaangen an huet nodeems sech den gewënschten Erfolleg net angestallt huet op Streamer ëmgestallt an hat dun och op déi Art an Weis séng Fësch gefaangen. Den Roger an den Eugéne hun sech géigensäiteg ënnerstetzt an sie Zwee haten vun Ungfank aus un op Streameren gesat an haten dobäi vill Spaass an konnten esou munech schéin Forell op d´Schuppen leën. Den Gerd wor

extra aus dem Saarland ungereest fir mat eis zesummen een schéinen Dag ze verbréngen. Hien huet séng Unrees mat Sécherheet net bereit an och wann Hien ee bëssen Startschwieregkeeten hat, huet Hien am Laaf vum Dag a bee mol den Dréih erausfond an huet och richtég gudd Fësch gefaangen.

Natiirlech huet ewei ëmmer déi obligatoresch Mëttespaus net dierfen feelen. Wor den Apéritif schon net ze knapps ausgefall hun mir eis duerno den Ragout mat Purée gudd schmaachen geloos, ofschléissend nach ee Stéck Toart mat énger boule Schockelasglace an een gudden Kaffi an dun konnten mir och Mëttes nach éng Kéier las leën. Esou ass dun och een schéint an ereegnesräicht Fëscherjoër zu Enn gaangen an dofir wëll ech zu gudder aller Lescht d´Geleenheet ergräifen an allen Memberen schéin an besënnlech Feirdeg wënschen.